Accord de principe Klimabündnis

Haut leegent jo quasi kee méi, dass de Klimawandel am gaangen ass. Regelméisseg gëtt een an den Noriichten iwwert déi katastrophal Konsequenzen, déi heen ka mat sech bréngen, informéiert. Dëst wärt an de nächste Joeren a Joerzéngten ëmmer schlëmmer ginn, wa mer net d'Steier nach ronderëm gerappt kréien.

Leittragend vun de Klimakatastrofen sinn haaptsächlech d'Entwécklungslänner déi awer nët den Haaptverursacher vum Klimawandel sinn. Et sinn virun allem déi industrialiséiert Länner an deelweis och d'Schwellelänner déi déi meeschten Zäregasen an d'Lut blosen, déi jo de Verursaachen vum Klimawandel sinn. Lëtzebuerger sinn an de Pro Kapp CO2-Emissioune souguer rekordverdächteg.

Et ass wichteg, dass ob alle Niveauen probéiert gët dëse Klimawandel ze bekämpft.

D'Gemeng Käerjeng huet schonn zënter Joeren, ënnert der Mataarbecht vun déi gréng, eng Politik bedriwwen fir manner Energie ze verbrauchen an sou manner CO2 ze produzéieren.

Mär sinn eis awer bewosst, fir eiser Responsabilitéit vis-à-vis dem Klima gerecht zeginn, dass mer nach e Schrëtt méi weit musse goen an zwar d'Memberschaft beim Klimabündnis.

Mam Bäitrëtt zum Klimabündnis gi mer eng Verpflichtung an fir éischtens d'Ausscheede vun Zäregasen an eiser Gemeng ze reduzéieren an zweetens d'Populatiounen aus den Entwécklungslänner, déi am meeschten ënnert de Konsequenze vum Klimawandel leiden, ze ënnerstëtzen. Member vu Klimabündnis ze ginn bréngt matt sech, dass mer eis net nëmme projetgebonnen Gedanken iwwert d'Klima maachen, mä dass mer eis an der alldeeglecher Gemengenaarbecht domat mussen auserneesetzen.

Mat all deem wat scho realiséiert ginn ass a nach wärt ginn, ka Käerjeng lo de Schrëtt a Richtung Klimabündnis maachen, an der Gewëssheet, dass och wierklech eppes wärt ëmgesat ginn.

Mam Bäitrëtt beim Klimabündnis triede mer engem Netzwierk vu Gemengen bei, wou ee séier Ideeën a Gedanke kann austauschen. D'Gemeng kann hei vun enger jorelaanger Erfahrung profitéieren fir hier Zieler ze ereeschen. D'Klimabündnis huet eng Multitude vu Projeten, déi an der Gemeng kënnen ëmgesat ginn, Dokumentatiouns- an Informatiounsmaterial a pädagogesch Moduler déi d'Gemeng ka benotze fir d'Bierger an d'Schüler ze informéieren. Ausserdeem huet d'Klimabündnis eegen Nord/Süd Projeten déi d'Gemeng kann ënnerstëtzen. Fir des Projeten bidden si dann och Ausstellungen a pädagogescht Material un.

Mär vun déi gréng fannen, dass lo den optimalen Zäitpunkt ass fir dem Schäfferot den Optrag ze ginn fir Member bei Klimabündnis ze ginn an dofir stëmme mär dëser Décisioun de Principe zou.